N°211
Entrée le 22.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 211 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet „Signal sonore déclenché lors de l'enregistrement par les "bodycams" »**

**Fro 1**

Wéi am Exposé des motifs vum Gesetzprojet zu de Bodycams virgesinn, wäert eng Etude gemaach ginn iwwert de prakteschen, techneschen a juristesche Kader vun de Bodycams, wann dës Kameraen 2 Joer am Asaz waren.

Zu dësem Zäitpunkt ka keng genee Indikatioun iwwer technesch Komponenten, wéi zum Beispill den Toun, gemaach ginn. Eng Ausschreiwung am Dossier Bodycam wäert am Abrëll gemaach ginn.

D'akusteschi Signal déngt an éischter Linn dem Beamten, fir dass dësen d'Informatioun kritt, dass d'Kamera ophëlt. Fir d'Persoun, déi gefilmt gëtt, ass d'akusteschi Signal en zousätzlecht Element, niewent der mëndlecher Informatioun, dass opgeholl gëtt.

De gesetzleche Kader gëtt keng Präzisioun iwwer d'Lautstäerkt, d'Tonalitéit respektiv d'Frequenz vun deem Signal.

De Gesetzgeber gesäit vir, dass de Polizist de Moment wiele kann, wéini hien d'Kamera en fonction vun den Ëmstänn aktivéiert ("*la Police peut procéder à un enregistrement audiovisuel, lorsque se produit ou est susceptible de se produire un incident, eu égard aux circonstances de l'intervention ou au comportement des personnes concernées*").

Zum Beispill: Am Fall vun engem gemellten Abroch an engem Haus kéinten d'Beamten hir Kamera aktivéieren éiert si aus dem Auto klammen, laut dem legale Kader.

**Fro 2**

Et ass net virgesinn, dat aktuellt Gesetz ofzeänneren soulaang d'Bodycams net am Asaz sinn an ee Bilan no 2 Joer gezu ginn ass.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden